



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Enseignement supérieur  
et de la Recherche

Le Ministre

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung an dem Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6278 vum 1. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser**

D'Regierung ass sech bewosst, dass Lëtzebuenger Fuerscher, Universitëitsprofesseren an am Allgemengen all Lëtzebuenger Staatsbierger, déi hir berufflech Karriär am Ausland verbruecht hunn, oft méi kleng Pensioune kréien, wéi wa se hir Karriär zu Lëtzebuerg gemaach hätten. De Reglement (CE) N° 883/2004 koordinéiert d'Sozialversécherungssystemer an Europa a reegelt, ënner anerem, och d'Pensiounsberechnung fir Leit, di a méi Länner geschafft hunn. Nieft der EU Reglementatioun huet Lëtzebuerg och nach bilateral Konventiounen mat iwwer 35 Länner ofgeschloss. Ee wichtege Prinzip ass d'Totalisatioun vun de Versécherungszäiten aus den eenzele Länner fir d'Urecht op eng Pensioun ze préiwen. Viraussetzung ass natierlech, dass Cotisatiounen an de Länner abezuelt goufen.

D'Mobilitéit ass e wichtege Deel an der Karriär vun engem Fuerscher a féiert dozou, dass Fuerscher, egal wéi eng Nationalitéit se hunn, oft hir Karriär a verschidde Länner maachen an deementspreechend a verschidde Pensiounssystemer abezuelen a vun do aus och verschidden Deeler vu Pensioune kënnen kréien.

D'Regierung ass houfereg, dass et ganz vill exzellent Lëtzebuenger Fuerscher an Universitëitsprofesseren am Ausland ginn, déi och regelméisseg zu Lëtzebuerg agebonne ginn, sief dat bei enger Evaluatioun vun engem Projet oder enger Fuerschungsinstitutioun oder och an engem Verwaltungsrot vun enger Institutioun.

D'Missioun vum nationale Fuerschungsfong FNR gesi vir, dass Fuerschungsaktivitéite kënnen finanziert ginn, wou och de Salaire vum Fuerscher derzou gehéiert. Seng Mëttele kënnen awer net agesat gi fir Persounen, déi an der Pensioun sinn.

D'Regierung huet sech an de leschte 15 Joer um EU-Niveau dofir agesat, dass jonk Fuerscher wärend dem Doktorat, also vun Ufank u vun hirer Karriär, schonns sozialverséichert sinn, an dat wierkt sech positiv aus op d'Durée an d'Héicht vun hiren zukünftege Pensiounen. Säit 2008 ass dëst de Fall fir de Gros vun den Doktoranden an de Fuerschungsinstitutiounen an op der Universitéit Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, den 5. Juli 2022

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch